



## Sommaire

- 5972 - Projet de loi portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
  - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Claude Haagen remplaçant M. Alex Bodry
  - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. André Bauler, M. Henri Kox, M. Jacques-Yves Henckes, M. André Hoffmann
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6271 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications
  - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Claude Haagen
  - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. André Bauler, M. Henri Kox, M. Jacques-Yves Henckes, M. André Hoffmann
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5816 - Projet de loi relative à la concurrence
  - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Claude Haagen
  - Discussion générale: M. Léon Gloden, M. André Bauler, M. Henri Kox, M. Jacques-Yves Henckes, M. André Hoffmann
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Débat de consultation sur le «Paquet climat»
  - Exposé: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures
  - Débat: M. Marcel Oberweis (dépôt d'une motion), M. Eugène Berger, M. Roger Negri, M. Camille Gira (dépôt d'une motion), M. Jean Colombara, M. André Hoffmann
  - M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures
  - Motion 1: M. Jean Colombara, M. Eugène Berger, M. Camille Gira
  - Vote sur la motion 1 (adoptée)
  - Vote sur la motion 2 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké et Claude Wiseler, Mme Octavie Modert et M. Marco Schank, Ministres.  
(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Une voix.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Merci. Dann hätte mer haut als éischte Punkt vun eiem Ordre du jour de Projet de loi 5972, d'Organisatioun vum Institut national de la statistique et des études économiques. D'Riedezäit ass hei nom Basis-modell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Adehm, den Här Bauler, den Här Kox, den Här Henckes an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry.

(Interruption)

Ah, den Här Haagen schwätzt am Remplacement vum honorabelen Här Alex Bodry. Här Haagen, da kritt Dir d'Wuert.

## 1. 5972 - Projet de loi portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

**Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire**

► **M. Claude Haagen** (LSAP), remplaçant M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vum Gesetz iwwert de Fonctionnement an d'Aktivitéit vum Statec gouf schonn am Regierungsprogramm vum 2004 festgehalten. De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass den 10. Dezember 2008 vum Wirtschaftsminister an der Chamber depouéiert ginn. Den Alex Bodry, deen den 3. Juni 2010 Rapporteur vun dësem Projet de loi genannt gouf, kann haut leider net do sinn. Duerfir presentéieren ech haut a sengem Numm

dëse Rapport.

Am Joer 2009 gouf de Gesetzesprojet vun de Berufschambere souwéi vun der Europäescher Zentralbank aviséiert. De Statsrot, dee bal zwee Joer gebraucht huet, fir säin Avis ze schreiwen, huet eng nei Textpropos gemaach, op Basis vun där d'Ekonomieskommissioun eng Rei vun Amendementer ausgeschaft huet. Dës Amendementer goufen de 17. Mäerz 2011 vum Statsrot aviséiert. Den 19. Mee huet d'Ekonomieskommissioun den Avis complémentaire analyséiert a konnt de 26. Mee de parlamentaresche Rapport unhuelen.

Firwat gëtt d'Gesetz iwwert de Statec reforméiert? Momentan ass et esou, datt d'Organisatioun vum Statec op engem Gesetz aus dem Joer 1962 baséiert. Dëse Rechtskader ass awer net méi zäitgeméiss a gëtt den Ufuerderungen un eng national modern statistesch Administratioun net méi gerecht.

D'Optauche vun ëmmer méi statisteschen Acteure souwéi ëmmer méi eng grouss Demande a villfältig Demande u statisteschen Daten an Analyse maachen et noutwendeg, en neie kohärente legale Kader ze schafen, deen der gesellschaftlecher, wirtschaftlecher an institutioneller Entwécklung Rechnung dréit. Aus dem Statec, dem Service central de la statistique et des études économiques, gëtt an Zukunft den Institut national de la statistique et des études économiques. Den Akronym Statec bleift awer aus praktesche Grënn weider bestoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform bréngt natierlech vill méi mat sech wéi e rengen Etikettechangement. Et ass eng déif gräifend Reform, souwuel wat den Aufgabebereich, d'Organisatioun wéi och d'statistesch Prozeduren an d'Methode betrëfft.

Déi wichtegst Ännerungen, déi de Gesetzesprojet mat sech bréngt, loosse sech wéi folgend resüméieren: D'Attributioun vum Statec, wat déi ubelaangt, sou gi verschidde Missiounen, déi de Statec bis elo hat, confirméiert. Anerer gi preziséiert respektiv officialiséiert. Dat heescht, datt de Statec dës Missiounen och schonn elo ausgefouert huet, mä déi awer net expressis verbis am Gesetz vum 1962 opgelëscht

sinn, zum Beispill d'Compte-nationales ze etabléieren, d'Volkszielung duerchzeféieren, ekonomesch, sozial an demographesch Projektionen ze maachen.

Doriwwer eraus stellt de Statec an Zesummenaarbecht mat der Lëtzebuerger Zentralbank d'Handelsbilanz souwéi d'Comptes financiers op.

Dëse Projet de loi verstärkt d'Etüd- an d'Recherchesmissioun vum Statec, andeems en zum Beispill chargéiert gëtt, wëssenschaftlech Fuerschungsaarbechten am Beräich vun der Modélisatioun vu wirtschaftlechen, demographeschen a soziale Fakten ze bedriewen. Iwwerhaapt gehéieren d'Verbesserung an d'Entwécklung vu statistesche Methoden a Prozeduren, déi op déi national spezifesch Gegebenheeten ugepasst sinn, zu deene wichtigste Missiounen vum Statec. An deem Kontext chargéiert dëse Projet och de Statec, fir Etüden an Analysen am Beräich vun der Methodologie ze maachen.

Här President, zu deene wichtigsten neie Missiounen, déi de Statec elo kritt, gehéiert sécherlech d'Opstellen an d'Gestioun vun enger Centrale des bilans. D'Centrale des bilans erlaabt et, d'Kontabilitéitsdate vun den Entreprises - Bilans, Comptes profits et pertes - ze zentraliséieren. Besonnesch a puncto Simplification administrative ass dëst eng grouss Errungenschaft, well an Zukunft d'Entreprise just eemol hir Joresbilanz deponéieren an d'Centrale des bilans sech ëm d'Informationsunfroen vun den Administratiounen an dem Public bekëmmert.

De Statec ass och déi Instanz, déi Lëtzebuerg bei den auslänneschen, europäeschen an internationalen statisteschen Autoritéiten representéiert. Zesumme mam Comité des statistiques publiques assuréiert de Statec och d'Koordinatioun vum nationale statistesche System.

Donieft ass de Statec och zoustänneg, fir d'Harmonisatioun vun de statistesche Methoden, Definitiounen an Nomenklaturen ze assuréieren. E passt och drop op, datt d'europäesch an d'international Normen am Beräich vun der Statistik vun de verschiddenen Acteuren agehale ginn.

Wat elo d'Organisatioun vum Statec ubelaangt, ass als Éischt ze soen, datt d'Gesamtorientatioun vun den Aarbechte vum Statec vum Wirtschaftsminister bestëmmt gëtt, an dat op Virschlag vum Direkter vum Statec souwéi op Avis vum Conseil supérieur de la statistique.

Dës ministeriell Prerogativ ass souzesoen d'Géigepartie zu der wëssenschaftlecher a professioneller Onofhängegkeet vum Statec.

Eng wesentlech Erneuerung am Beräich vun der Organisatioun ass d'Schafe vun engem Comité des statistiques publiques. Dëse Comité setzt sech aus alle staatlechen Administratiounen, Ministère, Établissements publics an öffentlichen Observatoires zesummen, déi eppes mat dem Erstellen, der Diffusioun vu Statistiken ze dinn hu respektiv déi statistesch relevant Date verwalten.

De Comité des statistiques publiques ënnersteet an deem Sënn och dem Wirtschaftsminister. Zu sengem Aufgabebereich gehéiert notament, statistesch Programmer vun den einzelnen öffentlichen Acteuren ze koordinéieren an de Suivi ze assuréieren, mam Zil, d'Effektivitéit an d'Qualitéit ze verbesseren an d'Charge de réponse esou gutt et geet ze verëngeren.

Dëse Gesetzesprojet gesäit och d'Kreatioun vun engem Conseil scientifique vir, dee wëssenschaftlech Aarbechten, Analysen an Etüden, déi de Statec mécht, aviséiert. Des Weidere gëtt de Rôle vum Conseil supérieur de la statistique, dee sech aus Représentantéit vun den Utilisateurs des statistiques an de Fournisseurs de données zesummesetzt, opgewäert.

Dëse Gremium kann an Zukunft net nëmmen d'Aarbechte vum Statec aviséieren, mä och d'Aarbechte vum ganzen öffentliche statistesche System evaluéieren. Doriwwer eraus kann hien och Verbesserungsvirschléi ausschaffen a Propositione maachen, wéi eng Statistiken, déi vun öffentlichem Intérêt sinn, nach kéinten ausgeschafft ginn.

Komme mer nach zu de Prozedure vum Statec.

Dëse Projet de loi preziséiert d'Kompetenze vum Direkter. Hie bestëmmt d'statistesch Methoden, d'Normen an d'Prozeduren. Den Direkter ass och zoustänneg fir de Contenu vun de statistesche Publikatiounen a wat den Timing vun der Veröffentlichung vun esou Publikatiounen ugeet.

De Statec genéisst an der Ausübung vu bal all senge Missiounen wëssenschaftlech a professionell Onofhängegkeet. De Statec gëtt sech och e Code de bonnes pratiques, dee konform ass zu den europäeschen an internationale Qualitätsnormen. Dëse Code ass öffentlich zougänglech.

De Prinzip vun der Obligation statistique gëtt confirméiert. Dat heescht, all physisch a morallesch Persoun, all Administratioun an Établissement public ass obligéiert, statistesch Renseignement, déi de Statec freet, och ze ginn. D'Verweigerung, fir esou Renseignement ze ginn respektiv d'bewusst Ugi vu falschen Zuele ka mat enger Amende, déi tëschent 251 an 2.500 Euro läit, bestrooft ginn.

De Corollaire zu der Obligation statistique ass natierlech de Secret statistique, dee garantéiert, datt confidentiel Daten net verbreet ginn. Beim Ausübe vu senge Missiounen ënnerläit de Statec selbstverständlech och der gesetzlecher Bestëmmung iwwert den Dateschutz.

Här President, ee ganz wichtige Volet ass deen iwwert d'Simplification administrative. De Projet de loi enthält vill Dispositiounen, déi de Prinzip vun der Réduction de la charge de réponse statistique verankeren. Hei e puer Beispiller: D'Kreatioun vun der Centrale des bilans wäert zum Beispill de Standardquestionnaire vun der Enquête structurelle, deen de Statec all Joers un d'Entreprise schéckt, ëm 80% reduzéieren. Den neie Comité des statistiques publiques, dee jo statistesch Programmer vun deenen eenzelnen öffentlichen Acteuren koordinéiert, wäert derfir suergen, datt net déiselwecht statistesch Donnéeën gläich e puermol gefrot gi bei den Entreprises.

De Statec engagéiert sech och, nëmmen dann op Enquêtes a Recensementen zrëckzegräifen, wann déi néideg fiabel Informatiounen net an den Datefichiere vun de staatlechen Administratiounen ze fanne sinn.

Här President, beim Statec schaffe ronn 160 Leit, an de Projet de loi regulariséiert och nach verschidde Situatiounen am Personalbereich vum Statec. Notamment gi verschidde Carrière reconstituéiert.

Donieft gesäit de Projet de loi d'Fonction vum Directeur adjoint vir, un deen den Direkter verschidde Kompetenze kann delegéieren an deen den Direkter en cas d'absence vertritt.

Här President, all dës verschidden Erneuerungen, déi mir de Mëtteg stëmmen, wäerten et dem Statec souwéi och allen aneren öffentlichen Acteuren am Beräich vun der Statistik erlaben, hir Missiounen an engem modernen an effikasse System auszeüben.

Duerfir ginn ech natierlech och am Numm vun der LSAP-Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Claude Haagen. Als éischt Riednerin ass d'Madame Diane Adehm ageschriwwen. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vum Statec ass batter noutwendeg, schliesslech baséiert dësen Institut sech nach ëmmer op e Gesetz aus dem Joer 1962. 1971 gouf de Statec du reorganiséiert mam Gesetz vum 14. Juli. Mat dem Gesetz, dat mir haut stëmmen wäerten, kritt de Statec endlech eng legal Basis fir déi villfältig Missiounen, déi hien an Tëschenzäit assuréiert, mä déi awer bis elo net explizit am Gesetz virgesi waren. Anerersäits kommen awer och nei Missiounen bäi, an do denken ech haaptsächlech un d'Mise en place vun enger Centrale des bilans, där hir Aufgab doranner bestoe soll, d'Donnéeën aus der Kontabilitéit vun Entreprises ze zentraliséieren.

Domadder gëtt och enger laangjähreger Fuerderung vum Conseil Economique et Social Rechnung gedroen. 1996 nämlech schreift de Conseil Economique et Social schonn, dass de Stat vill Donnéeën huet an dass dës Donnéeën eigentlech missten de verschiddenen Acteurs économiques zur Verfügung gestallt ginn.

A sengem Dokument iwwert d'Roll vum Stat schreift de Wirtschafts- a Sozialrot am Joer 2001, dass de Stat eng gewësse Responsabilitéit





huet um Niveau vun - ech zitieren: «surveiller statistiquement les évolutions des prix et coûts, ainsi que la performance des entreprises dans une optique comparative, et mettre à disposition des partenaires sociaux les données et indicateurs statistiques pour les outiller à remplir effectivement...» (veuillez lire: efficacément) «...leurs missions dans le dialogue macroéconomique.»

A sengem Avis vun 2003 iwwert d'Prevention vum de Faillitë schreift dann och ëmmer de Wirtschafts- a Sozialrot: «Le Conseil économique et social encourage la publicité systématique des bilans (...) Cette mesure devrait être mise en œuvre dans le cadre de la réalisation de la centrale des bilans.»

Duerch déi nei Centrale des bilans wäert mat Sécherheet den administrativen Opwand fir eis Entreprise wesentlech zréckgoen. Bis elo hunn eis Entreprises nämlech ëmmer misse sëllege Formularen ausfülle fir statistesch Zwecker, an dës Formulairë sinn dann un déi verschidde Verwaltunge geschéckt ginn. Déi nei Centrale des bilans wäert an Zukunft derfir surgen, dass d'Entreprises dëst net méi musse selwer maachen, doduerjer, dass déi statistesch Donnéeën zentraliséiert ginn an doduerch och un déi verschidde Verwaltunge weidergereecht ginn.

Een anere wesentleche Punkt ass d'Kreatioun vum Comité des statistiques publiques, deem och mat dësem Gesetz a Plaz gesat gëtt. Duerch hie soll d'Zuel vun den Donnéeën, déi d'Entreprise mussen un déi verschidde Verwaltunge weiderreechen, wesentlech zréckgoen. Dëst soll duerch d'Besetzung vun dësem Comité assuréiert ginn, well heiranner sinn déi verschidde Ministère, Verwaltungen, Établissements publics an Observatoires, déi mat Statistike schaffen, vertrauden.

Dëst Gesetz, dat mir elo stëmme wäerten, gëtt also net nëmmen dem Statec déi néideg legal Basis fir seng Aarbecht, mä et wäert och eng wesentlech Vereinfachung u Verwaltungsopwand fir eis Entreprise mat sech bréngen.

Zum Ofschloss soen ech dem Rapporteur Merci fir säin detailléierte Bericht a ginn heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen der Madame Adehm Merci. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ënner Lëtzebuerger EU-Présidence gouf 2005 e Code de bonnes pratiques vun der europäescher Statistik ausgeschafft, dee souwuel fir eng besser Qualitéit wéi iwwerhaupt fir eng Stärkung vun der Glafwierdegkeet vun der Statistik soll surgen.

An dësem Kontext gouf ersichtlech, dass och eist nationaalt Statistikinstitut sech misst enger Reform ënnerzeien. D'DP begréisst, dass mat dësem Projet de loi och a grad eng Koordinéierung vun nationale Statistiksysteem erméiglecht gëtt. Et gëtt effektiv ëmmer méi Acteuren, déi Zuelematerial liwweren.

Et ass eigentlech schued, dass d'Handwierk als ekonomesche Secteur bis ewell net en tant que tel an den offizielle Statistike gefouert gëtt. D'Chambre des Métiers huet dofir virgeschloen, hir eegen Daten, déi aus dem Handwierk ervirginn, mat deene vum Statec ze recouperen. Dës Approche, déi de Betriber keng zousätzlech Chargen operellé géif, kéint sécherlech derzou bäidroen, déi ekonomesch Realitéit zu Lëtzebuerg besser duerstellen a soumat e méi komplett Wëssen iwwert dës wichtege Secteur vun der Economie, dee ronn e Fënneftel vum gesamten Emploi duerschtellt, ze kréien.

Et ass effektiv esou, dass an der statistescher Nomenklatur déi handwierklech Aktivitéiten engersäits an der Rubrik „Commerce“ an anersäits an der Rubrik „Industrie“ verspreet sinn. Dat ass schued, well déi öffentlech Statistik esou den Eegeaarte vun eiser nationaler Economie net Rechnung dréit.

Et ass mer awer elo zougedroe ginn, dass d'Handwierkskummer an de Statec sech eens gi sinn, dës Projet un d'Lafen ze kréien a soumat e bessert Bild iwwert de Mëttelstand ze kréien.

Eng aner wichteg Saach - et gouf elo éinescht gesot - ass d'Schafung vun enger Centrale des bilans. Et bleift ze hoffen, dass d'Centrale des bilans ganz séier fonctionnéiere wäert, zemoos wann ee bedenkt, dass dës Institutioun et fäerdeg kéint bréngen, de Froebou, deem d'Betri-

ber am Kader vun der sektorieller Enquête auszufüllen hunn, ëm 80% ze reduzéieren.

D'Handwierkskummer hat och gefrot, fir besser Zuelen am Beräich vun der Schätzung vun der steierleche Recetten ze kréien. Hei schénge et och Bewegung ze ginn, well et ass e Comité de prévision geschaaft ginn, an deem all betraffe Verwaltunge vertraude sinn. Nëmme esou léisst sech d'Budgetspolitik méi liicht virbereeden an definéieren.

Wichtig ass och ze ënnersträichen, dass d'Onofhängegkeet vum Statec par rapport zu der Politik garantéiert soll sinn. Et ass dofir gutt, dass de Statec an engem gewëssene Sënn a Konkurrenz mat der Zentralbank steet, enger Institutioun, déi jo zeg Statistiken opstellt a selwer och Recherche bedreift. Dat erlaabt et, d'Previsiounen vun deenen zwou Institutiounen mateneen ze vergläichen.

Mir als DP sinn och zefridden, dass dës Reform e wesentleche Schrëtt an d'Richtung vun enger administrativer Vereinfachung duerstellt. D'Praxis an d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz wäerte weisen, ob et gëllt, duerch eng besser Koordinatioun Double-emploien ze vermeiden. Zil muss et ëmmer sinn, fir déi administrative Charge vun de klengen a mëttelgrousse Firmen ze reduzéieren.

Et muss een awer ënnersträichen, dass et dem Statec gelongen ass, an de leschte Joren konkret Moossnamen an d'Wee ze leeden, fir déi administrativ Belaaschtungen ze drécken. D'Chargen, déi mat der Erhiewung vu Statistiken ze dinn hunn, géifen nach just 4% vun de Gesamtlaschten ausmaachen.

Mir als DP kënnen dësem Projet also zoustëmmen, well e virun allem - dat sief mäin éischte Punkt - den Akzent op d'Participatioun vun de Benotzer a vun de Liwwerante vun der Statistike leet. D'Opwäertung vum Conseil supérieur de la statistique ass an deem Kontext ze begräissen.

Zweetens: Dës Projet ënnerstëtzt den Zougank zu der öffentlecher statistescher Informatioun. Hei geet et ëm Chancéglaichheet an ëm méi Opklärung vum Bierger.

Drëtens: Dat neit Gesetz soll d'Qualitéit vun der Statistike verbessern. D'Statistike mussen vu beschter Qualitéit sinn, well et soss zu politesche Feelentscheedungen kéint kommen. Hei geet et ëm d'Fiabilitéit vum System.

Dëst Gesetz, véiertens, stellt dem Statec déi Mëttel zur Verfügung, déi onerlässlech sinn, fir seng Aarbecht beschtméiglech duerschzeféieren. Hei geet et ëm d'Effizienz vum statistesche System.

Fënneftens: Mat dësem Text soll de Volet Fuerschung beim Statec opgewäert ginn. Zënter Jore schafft de Statec zesumme mat den öffentleche Fuerschungsinstituten. Et ass ze hoffen, dass duerch dës complémentaire Approche Synergien ausgebaut a systematiséiert kënnen ginn. Hei geet et kloer ëm d'Erausfuorderung, aus dem gesammelte statistesche Material déi pertinent Analysen opzestellen, déi erfuerdert sinn, fir d'Stärkten an d'Schwächen vun eisem nationale Wirtschaftssystem besser ze erklären.

Fuerschungsarbecht verlaangt awer och, dass een international Kontakter fleegt an iwwer e Staff vu Chercheurs verfügt, déi een exzellent Wësse vun der Fuerschungslandschaft hunn. D'Zentralbank liwwert eis do e gutt Beispill, an aus hiren Erfahrungen léisst sech nach bestëmmt munches léieren.

Zum Schluss wëilt ech dem Rapporteur, dem honorabele Claude Haagen, Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mündleche Bericht a ginn heimadder och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Henri Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëll och direkt am Ufank dem Här Rapporteur, oder dem Här Haagen am Numm vum Här Bodry, Merci soe fir de schrëftleche wéi och de mündleche Rapport.

Iwwert d'Wichtigkeet vun der statisteschen Erhiewung wëll ech net mech laang ausloossen; ech mengen, meng Virriedner hunn dat des Laangen an des Breeden hei elo schonn erkläert. Et ass och wichteg an enger moderner Gesellschaft, Feelentwécklung matzäiten ze korrigéieren respektiv och dat, wat gutt leeft, bestätegt ze kréien a kënnen an eng gutt Richtung ze steieren.

Lëtzebuerg war net ëmmer bekannt fir ganz gutt Statistiken. Oft feelt et u konkreten Daten, oft war et e Verhedderen a verschidde Verwaltungen respektiv a verschidden industrielle Verwaltungen, sou dass et u sech wichteg war, dass och dat Gesetz vun 1962 op de Leescht

geholl ginn ass an och nei reforméiert sollt ginn. An de leschte Jore si jo och eng ganz Rei gutt Efforté gemaach ginn, an dat wëll ech och hei ervirhiewen, dass dat, souwuel d'Datenerhiewung, d'Datenzentraliséierung an och d'Datenauswärtung, sech mëttlerweil op engem ganz gudden Niveau befënnt.

Do wëll ech dann och eng Kéier de Minister beluewen! Besonnesch am Energieberäich, do wësse mer, virun Ärer Zäit gouf et effektiv am Energieberäich net immens vill ze fannen, oder jiddefalls war et net esou koordinéiert, wéi et haut de Fall ass. Zumindest wat d'Datenerhiewung an d'Datenanalys ugeet, ass dat mëttlerweil op en Niveau komm, wou ee sech bal kann zréckfannen.

Natierlech, iwwert d'Interpretatioun dovunner, do léisst sech nach streiden. Mä zumindest fënnt ee mëttlerweil beim Statec eng Rei vun Donnéeën, déi een awer ka bewäerten an déi een och ka fiabel asetzen. Natierlech, d'Perfektion ass et nach net, mä do ass een, mengen ech, ëmmer amgang ze sichen, an dat, denken ech, dass dat och e gudden Challenge ass, fir dorunner ze schaffen.

Eppes, wat aus grénger Siicht awer nach feelt, an do, mengen ech, misste mer nach e bësse méi Efforté maachen, dat ass dee ganzen Ëmweltberäich. Mir mengen, dass et nach méi wichteg wär, och an deem Beräich ze kucken, en éischte Monitoring ze maachen, wou mer d'Bestandsopnahme méi effektiv kënnen maachen, an do feelen eis och deels wichteg Daten. Dofir, mengen ech, dass och de Statec an déi Richtung sollt méi verstärkt investéieren an och Recherche maachen, an dofir kënnen mer dat och nëmmen ënnerstëtzen, wa Recherchen an deem Beräich solle gemaach ginn.

Ech huelen ee Beispill eraus: den Tanktourismus. Mir hu schonn des Öfteren doriwwer debattéiert hei an der Chamber. Och do feelt eis nach ëmmer déi endgültig Ausso, wat et dann effektiv fir Lëtzebuerg bréngt. Mir wësse wuel iwwert d'Einnahmen, iwwert d'Brutto-Einnahmen am finanzielle Beräich Beschëed, awer wéi eng Auswirkungen et huet op d'Ëmwelt, op aner Infrastrukturen hei am Land, dat feelt eis nach ëmmer.

Ee Punkt wëll ech awer och nach hei ernimmen: Et ass e Gesetz emol endlech, wou mer och emol e bësse méi an d'Käpp investéieren an net ëmmer an de Bëton. Mir hunn oft, gëschter hu mer nach en immens grousst Gesetz hei - oder véier Gesetzer - gestëmmt, wou mer massiv an de Bëton investéiert hunn. Hei ass e Gesetz, wou mer, mengen ech, méi an d'Leit investéieren, wat wichteg ass, wat och gutt esou ass, an dat wëll ech och vu grénger Säit hei gesot hunn.

Ech mengen awer, mir mussen eis och bewusst sinn, dass, wa mer all dat wëllen ëmsetzen, wat an deem Gesetz elo mëttlerweil hei virgeschriwwen gëtt oder virläit, da brauche se nach ganz vill Ressourcen, net nëmme finanzieller Aart, mä och logistescher Aart, sou dass mer eis do och bewusst sinn, dass do Käschten op eis duerkommen an dass mer dat och gewëllt sinn, an der Zukunft esou ze ënnerstëtzen, well soss kréie mer net dat, wat mer u sech mat dësem Gesetz wëilten errechen.

Zum Schluss vläicht eng Kritik. Bon, et gëtt vill mat Daten hantéiert an och vill Date gespäichert an och vill Daten hin an hier manövriert. Sécherlech ass et wichteg, dass déi Daten zentraliséiert ginn, mä wann déi Daten engem aneren zur Verfügung gestallt ginn, dass séchergestallt gëtt, dass wierklech - wierklech! - de Secret bewahrt gëtt vun den Donnéeën. Do, mengen ech, ass et gutt, wann do akribesch drop opgepasst gëtt, fir net an eng falsch Richtung ze lafen an och Daten ze verbreedten, déi dat net solle ginn.

Zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun. Mä wéi ass et mat der Statistik am Allgemengen? Ech gleewe just där Statistik, déi ech selwer gefälscht hunn.

Merci.

► **Une voix.** - Voilà, très bien!

► **Une autre voix.** - Ech gleewen dat!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kox. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Ech hoffe just nuren, dass déi gréng awer hir Statistiken, déi se zitieren, net fälschen. Mä, wat wichteg ass, dat ass, dass mer effektiv d'Gesetzgebung iwwert de Statec nees eng Kéier adaptéieren, fir tëschent der Theorie an der Praxis eng eenheetlech Gesetzgebung ze hunn, fir op där anerer Säit och nei Domäne kënnen statistesch richteg ze ervaassen a fir nei Missiounen kënnen unzagoen.

Et ass also eng wichteg Reform, déi mer hei hunn, déi ganz oft méi en administrative Charakter huet a manner e politeschen, mä jidd-

weree weess awer, dass ouni gutt Statistiken..., speziell an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg - wou een, wann ee vun engem Fall op zwee eropgeet, dann ass dat eng Augmentatioun vun 100% -, ass et ëmmer wichteg, dass ee prezis Statistiken an Donnéeën huet, souwuel fir politesch Décisiounen, ekonomesch Décisiounen, sozial Décisiounen. Dofir ass et wichteg, dass een op esou Donnéeën kann zréckgräifen.

Bis elo ass och de Statec senger Missioun ganz gutt gerecht ginn, sauf an engem Gebitt, wou elo awer duerch d'Gesetz soll Remedur geschafe ginn, dat ass alles, wat déi ekonomesch Donnéeën ugeet, a notamment soll dat geschéien iwwert déi Centrale des bilans. Eng Centrale des bilans huet den Avantage, dass all Donnéeën do op Basis vun engem Plan comptable unique sollen zesummegeallt ginn, dass een dann déi Informatiounen huet an dat déi eenzel Betriber, déi elo verschidde Bilanen hatten, verschidde Presentatiounen vu Bilanen hatten, dass dat domadder géif opgehuewe ginn an dass een also fiabel Statistike kéint kréien.

Mä och do wollt ech d'Regierung awer froen, wéi et dann elo tëschent der Theorie an der Praxis ass. Kënnen mer déi Centrale des bilans effektiv vun dësem Joer un, oder vum nächste Joer u lafe loossen? Ass dee Plan comptable unique iwwerall elo duerghefouert? Kann een op déi Donnéeën do zréckgräifen? Ech weess, dass d'Regierung higaangen ass a bei verschiddenen Établissements publics, déi kommerziellen Onuerdungen ënnerworfen sinn, déi kommerziell Aktivitéiten hunn an déi och kommerziell Bilane mussen maachen, dass se deenen eng Dispens ginn huet, fir kënnen e Plan comptable unique ze maachen. Dat fannen ech net gutt, well justement de Stat sollt mam gudde Beispill virgoen!

Dofir meng Fro un de Minister, fir ze wëssen, ob déi Centrale des bilans och effektiv schonn dëst Joer fonctionsfäeg ass oder eréischt d'nächst Joer. Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, e puer Bemerkungen och, fir meng Zoustëmmung ze begrënnen. Wéi mir virun zéng Joer zu Esch eisen éischte kommunale Sozialbericht probéiert hunn opzestellen, do ware mer op där enger Säit frou, iwwert déi Donnéeën vum Statec kënnen ze verfügen, deenen eis och do tatkräfteg gehollef huet, an op där anerer Säit hu mer awer och misse feststellen - an d'Leit vum Statec selwer -, wéi schwéier et zu deem Moment nach war, fir u gewëssen Donnéeën iwwerhaupt erunzekommen.

Dofir ass menger Meinung no ee ganz wichtege Punkt an dësem neie Gesetz, an där Reform vum Statec, fir d'Koordinatiounsméiglechkeeten vun där Institutioun ze vergréisseren, fir dass een déi verschidden Datesätz, déi et hei zu Lëtzebuerg gëtt, accessibel mécht, dass ee se erweidert an dass ee se och mateneen ka verknäppen.

Zweetens, e puermol hei, a virun allem bei der Interpellatioun iwwert d'Aarmut, konnt ech zréckgräifen iwwer...

(Brouhaha)

► **M. le Président.** - Ech géif lech bieden, dem Här Hoffmann nozelauschten!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Merci, Här President.

...konnt ech vill Donnéeën virun allem aus deem Rapport «Travail et cohésion sociale» vum Statec zitieren iwwert d'Entwécklung vun der sozialer Situatioun hei zu Lëtzebuerg. Mä och do - an och do seet de Statec et explizit oder implizit a sengem Rapport ëmmer selwer - feelt et nach un Donnéeën, zum Beispill wat d'Verdeelung vum Verméigen hei zu Lëtzebuerg betrëfft. Dofir mengen ech, dass et och an deem Sënn noutwendeg ass, fir d'Aufgabe vum Statec ze erweideren an em awer och déi Mëttelen derfir ze ginn.

Ech hat deemools proposéiert, leider huet d'Majoritéit et refuséiert, fir en „Observatoire des inégalités“ ze schafen. Déi Aufgab kann natierlech och de Statec iwwerhuelen, wann e mat entsprechemdem qualifizéierte Personal ausgestatt gëtt.

Drëtens dierf ech lech och drun erënneren, dass zënter a peu près engem Joer och am Opdrag vun der Regierung de Statec zesumme mat dem Wirtschafts- a Sozialrot a mat dem Nohaltegkeetsrot schafft un neien Indicateuren. Fir wat ze moossen? Also de Wuesstum ze moossen, de Wuelstand ze moossen an esou weider an esou fort. Dir wësst, wéi eng Diskus-





siounen dass do lafen, wéi wichteg dass dat och ass, fir ze erkennen, dass et net einfach de PIB ass, deen eise Wuelstand mässt, sondern dass een dofir aner Indicateure wierklech brauch, och iwwert d'Inegalitéiten. An och an där Hisiicht do vun Ausschaffung vun neien Indicateure brauche mer also méi Méttelen an eng besser Struktur vum Statec.

Da brauch en awer och - an dofir wëll ech dat ënnersträichen, wat den Här Kox gesot huet -, da brauch en awer och dat néidegt Personal, dat néidegt qualifizéiert Personal a vill Multidisziplinaritéit. Well Statec ass jo net einfach zielen, sondern Statec ass Recherche. D'Statistike si Recherche, an an deene verschiddenen Domäne vun der Recherche brauch een ënnerschiddlech Qualifikatiounen.

Eng lescht Remarque, Här President: Ech ënnerstëtzen och déi Bemierkung vun der Salariatschamber, déi seet, eis statistesch Recherchen an Analyse solle méi oft iwwert d'Grenzen ewechkucken a Richtung Groussregioun.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol Merci deene Leit, déi déi Aarbecht um Niveau vun der Kommissioun gemaach hunn, net nëmmen de Bericht, mä ech mengen déi ganz Ausaarbechtung an Emännerung och vun deem Projet. Do sinn ech lech dankbar.

Ech fannen, et ass och noutwendeg, an duerfir sinn ech och frou driwwer, dass mer eng grouss Zoustëmmung hunn hei. Wa mer hei géifen ufänken, d'Methode vun der Statistik ausenernerzuehlen a mir géifen eis net eens ginn dorobber, dat géif no bausse wierklech e ganz schrecklecht Bild ginn. Ech si frou, wa mer eis kënnen eeneg sinn dorobber, op de Seriö och vun där ganzer Affär. An duerfir hunn ech och net gär, Här Kox, och wann Der mech dann eng Kéier lueft, wann Der hannendrun déi Geschicht vum Fälsche vu Statistiken sot, ech gleewen nëmmen déi! Et muss ee ganz gutt oppassen...

## (Interruption)

Neen, ech weess, et ass eng Boutade. Mä ech sinn och scho mat Boutadé bäigelaf. Mä...

► **M. Henri Kox (déi grëng).**- Huelt eis dach net ëmmer esou eescht, Här Krecké! Huelt eis net ëmmer esou eescht!

## (Interruptions et hilarité)

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Neen, neen, neen! Neen, mä wat ech mengen, wat wichteg ass, no bausse muss et kloer sinn: D'Statistik, do geet keen dru fummelen, och kee Minister! An et dierf keen! Mir sinn och déi Éischt wahrscheinlech, déi dat do ëmsetzen, an de Statecs-direkter...

## (Interruption)

Jo, jo. Et ass jo elo eréischt décidéiert gi viru Kuerzem. Mä ech kann lech soen, et ass awer scho laang applizéiert ginn. Op alle Fall säit ech do sinn, kënnen de Statecsdirekter a säi Personal net eng eenzeg Kéier nowiesen, wou ech agegraff hunn an Zuelen. Mat Sécherheet net!

Well deen Dag, wou Der domat ufänkt... Ech war fënnef Joer am Eurogroup. Ech hunn déi griechesch Geschicht vun Ufank un e bësse materieléiert, wou deen Duerjenaner mat de Statistike war, wou munches schifgelaf ass a wou ech net ëmmer festgestallt hunn, wien dann elo wierklech Bescheed wouss. Duerfir, wat d'Statistik ubelaangt, muss et absolut sinn, dass se eng Indépendance huet, wou keen dru fommele geet.

Do, wou et eng aner Saach ass, dat ass, wann et ëm Etüde geet. D'Opportunitéit vun Etüden an esou, do hunn ech bis elo och net agegraff. Awer do kann ech mer virstellen, ech kréien e Programm, dass ech soen, ech hätt awer och elo gären dat do an dat do, dass dat och nach gekuckt gëtt. Dat ass d'Prärogativ, déi e Minister ka weider halen, dee seet, ech wëll, dass Der dat do an dat do esou studéiert, wéi d'Regierung dat eventuell brauch. Dee Programm, dee geet och ëmmer an d'Regierung a gëtt vun der Regierung ofgeseent.

Mir müssen oppassen, dass, wéi den Här Hoffmann... Ech weess, dass Der u sech hei dem Statec vill gehollef hutt, och einfach Ären Appui ginn hutt fir de Seriö vun där Aarbecht. Dir hutt geschwat vun deem Observatoire, deen Der lech gewëncht hutt. Ech muss lech soen, dat ass dee gréisste Problem, dee mer hunn u sech. Et stoung eng Kéier am „Monde“ en Titel: «À quand l'observatoire des observatoires?»

Et muss een oppassen, heiansdo hunn ech d'Impressioun, dass, wa mer net méi richtig wëssen, wou mer sollen erauskommen, da grënne mer en Observatoire. An dat bréngt héchstens eppes...

## (Interruption)

Dat bréngt héchstens eppes, Här Hoffmann, dat ass, dass mer déi Donnéeën, déi mer sammeln, disparat sammeln. Dat heescht, och no Methoden, wou een eventuell herno näischt kéint domat ufänken.

Ech si frou, dass an dësem Gesetz - mir schafe jo keen Observatoire of an esou weider -, mä dass mer d'Koordinatioun dovunner dem Statec wierklech ginn a soen: „Wann elo am Logement dat do gefrot ass, da maacht et wann ech gelift no där do an där do Method, da kënne mir et nach fir aner Saache gebrauchen.“ Dat war beispillsweis bis elo net de Fall. Bis elo huet jiddweree gemaach, wat e wollt, net ëmmer no rigouréise Statistiken.

An ech hunn och en Observatoire. Also duerfir, ech gehéieren och zu deenen. Den „Observatoire de la compétitivité“ ass och esou een! Mä deen, dee schafft an enker Zesummenaarbecht, scho vun Ufank un, vun 2004 aus un, mam Statec. An et ass wierklech mäi Wonsch, dass all déi Observatoiren, déi mer elo hunn, an all déi Ministère an Administratiounen, déi déi Chiffere sammeln a bearbechten, dass do d'Koordinatioun vum Statec spillt.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, därerf ech dem Minister...

► **M. le Président.**- Den Här Hoffmann stellt lech gär eng Fro, Här Minister.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här Minister, ech weess net, ob Der mech net mëssverstane hutt. Dir hutt awer héieren, wéi ech gesot hunn, ech hätt och näischt dergéint, wann déi Aufgabe vun deem, wat ech do genannt hunn „Observatoire des inégalités“, wann déi Aufgabe vum Statec géifen iwwerholl ginn. Do dergéint hunn ech näischt.

Da muss awer déi Missioun entspriechend prezis definéiert ginn. Am Gesetz kann een dat net. Mä da muss een awer Impulser ginn, fir dass de Statec iwwert dat, wat e bis elo mécht, also de Rapport «Travail et cohésion sociale», an deem doten Domän besser étofféiert gëtt, fir an déi do Richtung ze schaffen. Dat war meng Meenung.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Jo, et ass richtig, wat Der ënnersträicht, dat ass richtig. Ech hunn et just als Beispill geholl, well Dir vun engem aneren Observatoire nach geschwat hutt, an ech wëll wierklech dat évitieren. Ech hätt léiwer, mir géifen eis dann eens ginn, dass de Statec eng Extensioun mécht op eenzelne vu sengen Aktivitéitsfelder.

Ech mengen, dat ass och de Fall, wat den Environnement ubelaangt. Dat ass iwwregens scho geschitt. An et gëtt och elo quasi iwwert dat Gesetz hei verankert, dass et zu enger Extensioun kënn an deem dote Beräich, wat d'Zu-lematerial ubelaangt.

Dir hutt et scho gesot, an der Energie, dat stoung néierens geschrivven. Mä dat hunn ech gefrot, well et kann een nu wierklech net schaffen, wann een net fiabel Chifferen huet, och wann ee vläicht herno an der Interpretatioun eben anerer Meenung ass.

Ech sinn och frou, Här President, dat weist heiansdo, dass d'Weeër hei zu Lëtzebuerg net kuerz sinn: Déi Centrale des bilans, huet eng Kéier e jonken Deputéierten an engem Rapport 1997 virgeschloen, dat wier e grouse Schrëtt no vir an do misste mer dru schaffen. An do ass gesot ginn, da schaffe mer drun. Also, ech hoffen, dass ech nach an där Period, wou ech Minister sinn, erliewen, dass déi Centrale des bilans steet. Dann hunn ech weinstens eppes, wat ech 1997 eng Kéier, ech kann net soen, dass ech de Papp dovunner war, mä deen et wierklech deemools gedriwwen huet dozou, dass dat och Realitéit gëtt, an der Hoffnung,...

## (Interruptions)

...dass och ähnlech Projeten, déi et nach gëtt, vläicht e bësse manner laang brauchen.

Mä ech hu selwer misse feststellen, dass et Zäit brauch. Well de Statecsdirekter weess, dass ee vu sengen Adjoints, dass dee vu mir permanent genervt ginn ass. All Kéiers, wann ech douewe war, hunn ech gefrot: „Wéi ass et mat der Centrale des bilans?“ Dat war ceterum censeo am Fong geholl e bëssen.

Bon, fir de Rescht mengen ech, huet... Ah, de Secret war nach ugeschwat ginn. Also, de Secret des statistiques, wann deen net garantéiert ass, dann ass de Statec muer erleedegt! Ech mengen, mir ass net eng Kéier bewosst oder gesot ginn, dass do e Problem wier. An dat muss een och ganz eescht huelen. Mir haten och grad Rieds an enger Kommissioun iwwert de Secret des lettres an esou weider. Déi Saachen, déi si verankert per Gesetz oder souguer an der Verfassung, an do ass et och egal, wien den Handling mécht dovunner. Dee muss...

## (Interruption)

Jo, Dir kuckt, Här Meyers... Ech denken un de Secret des lettres, deen an der Verfassung steet. Ech weess, deen aneren net. Mä ech hu gesot, souguer de Secret des lettres, il s'applique à tout le monde. Mir haten d'Diskussioun, ob et sech just op de Fonctionnaire applizéiert. Du sot ech: «De toute évidence, ce n'est pas possible.»

An de Secret bancaire, deen och nëmme per Gesetz definéiert ass, il s'applique à tout le monde, ob e Fonctionnaire oder net Fonctionnaire ass, ob en däitscher Herkunft, franséischer oder lëtzebuergescher Herkunft ass. An dat gëllt och fir déi Leit hei. An och déi Leit, déi dem Statec zouaarbechten, muss sech dorunner halen. Dat ass esou. Ech ginn och dovunner aus, dass dat bis elo ëmmer esou geschitt ass.

Fir de Rescht, Här President, mengen ech, huet de Berichterstatter déi eenzel Saachen alleguerte propper duergeluecht, an ech si frou, dass mer eng breet Zoustëmmung hunn, well mir brauche fiabel Chifferen, net dass et eis geet wéi anere Länner, déi dorunner gefumelt hunn!

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5972 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°5972 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Lydia Mutsch), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6271, enger Ofännerung vum Postgesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschrivven: d'Madame Adehm, den Här Bauler, den Här Kox, den Här Henckes an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 6271 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

### Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Gesetzesprojet 6271 gouf de 7. Abrëll dëse Joer vum Wirtschaftsministère am Parlament deponéiert. De Projet de loi gouf de 17. Mee vum Statsrot an den 18. Mee vum der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics aviséiert. Den Avis vun der Chambre des Salariés koom de 17. Juni vun dësem Joer.

D'Ekonomieskommissioun huet an hirer Sitzung vum 26. Mee de Projet de loi, déi zwee Avisé souwéi och eng Prise de position vum Institut des réviseurs d'entreprises analyséiert. Den 9. Juni vun dësem Joer huet d'Ekonomieskommissioun de Rapport ugehall.

Dëse Projet de loi erlaabt et der Post, hir kommerziell Aktivitéiten am Beräich vun der Téléphonie mobile a fixe zesummenzeleeën, souwäit et och schonns am strategesche Pabeier, am Dokument „Agenda 2012“, dat an Zesummenaarbecht vun de Gewerkschaften, der Post an der Regierung ausgeschafft gouf, approvouéiert gouf.

Dës Konvergenz vun den Aktivitéite geschitt, andeems eng nei Sociétéit gegrënnt gëtt: d'„Société de commercialisation télécom“, déi souwuel d'Commercialisatioun vun de Produkter an de Servicer vun der fixer a vun der mobiler Telekommunikatioun wäert bedreiwen. D'LUXGSM, eng Duechtergesellschaft vun der Post, déi bis elo fir d'mobil Telekommunikatioun zoustänneg war, gëtt an dës nei Gesellschaft incorporéiert.

Dëse Gesetzesprojet erméiglecht et, dass d'Maarbechter vun der Post, déi ënnert dem öffentleche Statut schaffen, dat heescht d'Fonctionnaires an d'Employés de l'État, an déi nei privatrechtlech Gesellschaft kënnen affectéiert ginn. D'Modalitéite vun dëser Affectatioun ginn och duerch dëse Projet de loi geregelt. Ech kommen herno nach dorobber zrëck.

Ervirzeisträichen ass, dass d'Post den Actionnaire unique vun dëser neier privatrechtlecher Gesellschaft ass.

Firwat ass et noutwendeg, dass d'Post hir mobil a fix Telekommunikatiounsservicer a -produkter an enger privatrechtlecher Gesellschaft zesummelee?

Laut dem Exposé des motifs ware folgend Facteuren an Iwwerleeungen ausschlaggebend: den héijen Degré de flexibilité souwéi dat grousst Entwécklungspotenzial vun enger privatrechtlecher Struktur; déi haart Konkurrenz um Telekommunikatiounsmarché; d'Entwécklung vun der Reglementatioun erfuerdert eng méi grouss Transparenz tëschent den Infrastrukturen an de Produkter.

Déi praktesch Ëmsetzung vun dëser Konvergenz geschitt am Respekt vu folgende Punkten:

1) D'Fonctionnaires an d'Employés publics, déi an d'„Société de commercialisation télécom“ affectéiert ginn, behalen hiren öffentlech-rechtleche Statut mat all deenen doraus entstanene Rechter a Flichten.

2) D'Fonctionnaires an d'Employés publics, déi fir esou eng Affectatioun a Fro kommen, kënnen sech am Viraus dozou äusseren, ob se domadder averstane sinn. Falls se net domadder averstane sinn, engagéiert d'Post sech, deene betreffene Persounen eng Aarbecht innerhalb vun der Post ze offréieren, déi hirem Qualifikationsniveau entsprécht.

3) Et ginn och zwou Dispositionen an d'Postgesetz geschrivven, déi eng eventuell Participatioun vun engem Privatakionär an der neier Gesellschaft aschränken a genauestens kontrolléieren. Éischts, ier de Conseil d'administration vun der Post iwwer eng eventuell Participatioun vun engem Privatakionär entscheede kann, muss sech d'Personaldelegatioun, déi am Conseil d'administration vertruend ass, via een Avis obligatoire innerhalb vun 30 Deeg dozou äusseren. Zweetens, eng Participatioun vun engem Privatakionär muss vum Regierungsrot guttgeheescht ginn.

Doriwwer eraus kann esou eng Participatioun och net reng finanzieller Natur sinn a kee Changement am Contrôle vum Kapital bewierken. Esou eng Participatioun kann nëmmen dann erfollegen, wann deen industrielle Partner, potenzielle Partner deen néidege Savoir-faire matbréngt, deen et der „Société de commercialisation télécom“ erméiglecht, sech kommerziell an technologesch weiderzuentwéckelen.

Ze bemierke bleift nach, dass de Gesetzesprojet e puer kleng Inkohärenzen, déi sech am Laf vun de legislative Modifikatiounen an d'Postgesetz ageschlaach haten, aus der Welt geschafft huet.

Wat elo d'Avisen ubelaangt, kann ee Folgendes festhalen: D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass der Meenung, dass d'Post parfaitement mam Privatsektor rivaliséiere kann, a gesäit deementspriechend keng Ursaach, d'Konvergenz vu Mobil a Fix an enger privatrechtlecher Gesellschaft ze realisieren.

Duerfir plädéiert si, fir eng „Division produits télécom fixes et mobiles“ innerhalb vun der Post ze schafen. D'Chambre des Salariés schwätzt sech an hirem Avis och géint d'Schafe